**COMMUNIQUE vun der LSAP Esch no de Gemengealen 12. Juni 2023**

Fir d'éischt wëlle mär allen Escher Wieler fir dat grousst Vertrauen merci soen!

Di Escher LSAP ass net nëmmen déi Partei, déi zu Esch insgesamt déi meeschte Stëmmen huet - also déi gréisste Partei zu Esch, mär hunn och dëse Sonndeg 1,7% bäigewonnen!

Eisen Ekippegeescht huet dat méiglech gemaach an déi Escher hunn un eis Leit an eis Iddien gegleeft.

Vun der aler (a neier?) Koalitioun hunn di ehemols zwee grouss Partner allenzwéin Stëmme verluer - Déi Gréng esouguer e Sëtz.

De Steve Faltz ass mat senger Ekipp ugetruen fir Schluss ze maachen mat der "Politique politicienne", de Muechtspillercher an dem Ego- a Carrièresdenken. Eis Ekipp wollt sech zu 100% fir Esch asetzen. Obwuel d'LSAP Esch di stäerkste Partei ass, kréien di Escher elo awer just zynesch Muechtspillercher virgedroen, virun allem vun zwee Leit (dem député-maire an dem gréngen Co-parteipräsident), déi a Gedanken just nach an der nationaler Politik sinn. Den Här Mischo ass jo leschte Samschdeg schon mam Luc Frieden duerch Esch paradéiert.

Wien elo Parallelen zu 2013 um nationale Niveau gesäit, huet komplett vergiess ëm wat et deemols gaangen ass. De Felix Braz hat et 2013 gudd erklärt: (1) d'CSV hat 2013 vill Stëmme verluer (2) di vill handfest Skandaler hunn e Wiessel néideg gemaach (3) di programmatesch Schnëttstellen ware bei den 3 Partner am gréissten.

Zu Esch ass keng vun deene Bedingungen ginn. Wat mer e Sonndeg den Owend gesinn hunn, ass just zynesche Muechterhalt en vue vun de Nationalwalen. Dat ass net dat wat d'Escher wollten ënnerstëtzen, dofir hunn d'CSV an Déi Gréng jo bei dëse Walen och verluer.

Den Escher Wieler huet awer och gewisen, dass en Vertrauen an déi Jonk huet an och méi Fraen well hunn: mir sinn mat 4 Newcomer Kandidaten an d‘Top 7 zu Esch gewielt ginn a mat 2 Fraen an den Top 5 - de Message ass däitlech. Et ass schued, dass déi aktuell Majoritéit dëse Wellen net wäert zeréckspigelen wann si sou wëlle weidermaachen wéi bis elo. An der nächster Koalitioun hunn awer erëm just Männer eppes ze soen.

Den LSAP-Renouveau ass par contre gegléckt, mär wäerten mat enger kompetenter an dynamescher Ekipp am Gemengerot vertruede sinn. Di ganz Sektioun a vill Escher Bierger stinn hannert eis. Esch verdéngt méi, an dofir setze mir eis déi nächst Joren mat voller Energie, Fläiss a gudden Iddien sou gutt et geet an.

Merci dem Escher Wieler a Merci der Famill an de Frënn fir hier Ënnerstëtzung déi lescht Wochen a Meint.

Fir d'LSAP Esch,
Steve Faltz